



Mussen eis Kanner wierklech op Diddeleng plënneren?

Den neie PAG vun der Gemeng Beetebuerg ass um leschte Freiden (7.12.2018) mat 9 géint 6 Stëmmen ugeholl ginn.

Allerdéngs gétt hei erëm eng immens Geleeënheet verpasst, fir endlech bezuelbare Wunnraum an eiser Gemeng ze schafen. Op d'Fro wou eis Kanner da sollen an Zukunft wunnen, sot d'Mme Lorsché "dass se sollen op Diddeleng plënneren!" De Schäfferot wëllt datt Beetebuerg nëmmen ëm 1000 Leit an deenen nächsten 12 Joer soll wuessen! Dat ass vill manner wéi et am Pacte Logement virgesinn ass, deen d'Gemeng jo awer ënnerschriwwen huet!

Keng Spuer vun enger Erweiderung vum Bauperimeter a vu Schafe vu bezuelbarem Wunnraum. Am Géigendeel: zu Beetebuerg gétt Wunnraum knapp an deier, an esou wäerten an Zukunft nëmmen nach räich Leit sech eng Wunneng kënnen leeschten!

Vun deene ronn 1600 Kanner (täuscht 6 an 18 Joer) déi am Moment an eiser Gemeng liewen, wäerten also déi wéinegst an e puer Joer eng Wunneng an eiser Gemeng fannen, a sech och kaum leeschte kënnen.

- D'Gemenge sinn den Haupt-Acteur fir Wunnraum ze schafen an dat steet och nees esou an der neier Regierungserklärung → mä fir Beetebuerg zielt dat net!
- Déi Gréng haten fir d'Chamber-Walen am Programm stoen dass d'Recht op Wunnen an eiser Verfassung soll verankert ginn → dat zielt also net fir Beetebuerg.
- An der Regierungserklärung steet, dass d'Immobiliepräisser am Land net weider klamme sollen. → dat zielt dann och net fir Beetebuerg!
- An der Regierungserklärung steet och, dass en neie Pacte Logement 2.0 ausgeschafft wäert ginn. → dee wäert Beetebuerg da sécher net anhalen!
- De Ministère du Logement soll eng Berodungsstell kréien, fir d'Gemengen zum Bau vu méi Wunnengen unzereegen ! → dës Berodungsstell brauch d'Gemeng Beetebuerg also net!

Dëse konservative PAG, dee keng Visioun huet, deen net nohalteg ass, dee kee Plang huet, deen net sozial ass, dee keen neie Wunnraum schafft, dee géint ons Kanner ass,

.....kënnen mir als LSAP net matdroen.....!